



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 16 janvier 2015
Réf : QP-57/14

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°806 du 17 décembre 2014 de Monsieur le
Député Aly Kaes

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe ma réponse à la question parlementaire sous
rubrique.

Je vous prie, Monsieur le Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments
très distingués.

Félix Braz
Ministre de la Justice



**Äntwert vum Här Félix Braz, Justizminister,
op d'parlamentaresch Ufro n° 806 vum 17ten Dezember 2014
vum honorablen Députéierten Aly KAES :**

D'Zuel vun den Abréich ass di lescht Zäit ouni Zweiwel geklommen.

Och an der Vergaangenheet konnt schon festgestallt ginn, dass dës Zort vu Kriminalitéit zu enger gewësser Zäit staark zougeholl an duerno rëm ofgeholl huet, ee Phänomen, dee bei de Bierger natierlech ee Gefill vun Onsécherheet ervirriff. Dës Fluktuatioun erkläert sech doduerch, dass et sech an deene meeschte Fäll em Banden handelt, di aus dem Ausland operéieren, an déi, wann se bis identifizéiert, festgeholl a veruerteelt goufen, kee Schued méi kënnen uriichten.

Et ass falsch ze behaupten, dass d'Abriecher kuerz no hirer Festnahm erëm ginnen fräi gelooss ginn.

Momentan sëtzen 308 Persounen am CPL an Untersuchungshaft. Vun deenen 308 Leit ginn der méi wéi een Drëttel, nämlech 128, wéinst Strof Doten festgehal di ënnert d'Infraktioun vum Vol falen.

Et kann een och net behaupten, dass déi Prévenuen déi wéinst Vol asëtzen besonnesch virdeelhaft géingen behandelt ginn an rëm schnell op fräiem Fouss wieren.

D'Gerichter applizéieren an deene Fäll den Artikel 94 vum Code d'instruction criminelle dee virgesäit, dass ee sougenannte «mandat de dépôt» just kann ausgestallt ginn, wann d'Gefor besteet, dass di Persoun d'Flucht ergräift, dass si Beweiser verschwannen léisst oder zerstéiert oder dass si erëm Strof fälleg gëtt.

D'Chambre du conseil muss hirersäits och préiwen, op «indices graves» fir d'Culpabilitéit vum Concernéierten virleien. Wann si mengt dass dat net de Fall ass, muss d'Mise en liberté vum Inculpéierten ordonnéiert ginn.

Dat war och kierzlech de Fall wou eng Décisioun vun der Chambre du conseil fir vill Kritiken gesuert hat. D'Justiz zitt an sou engem Fall ëmmer de Kierzeren par rapport zur öffentlecher Meenung well se aus evidente Grënn, di um Prinzip vum Secret vun der Instruktioun hänken, hir Décisioun net kann öffentlech justifiéieren ouni de ganzen Dossier dem Public z'exposéieren.

Et mécht deemno kee Sënn, eng Législatioun ze änneren, di sech an der Vergaangenheet bewäert huet an di och vun all de Professionellen vum Droit, di déi Législatioun applizéieren, als efficace ugesinn gëtt, notamment well se ee gudden Equiliber duerstellt tëschent de Libertés publiques engersäits an der Privatioun vun der Fräiheet anerersäits, an deene Fäll wou d'Gesetz déi Méiglechkeet virgesäit.